Generalversammlung vun der Sektioun AVL vum 16. Mäerz 2012

Begréissung duerch de Sektiounsprësident Carlo Elter

Leif Kolleginnen a léif Kollegen,

A mengem Numm an am Numm vum ganze Komitee begréissen ech lech, an soen lech merci, da Dir zu esou vill de Wee haut den Owend hei hi fonnt hutt, fir un der Generalversammlung vun ärer Sektioun AVL deelzehuelen.

E grousse Merci geet haut fir d'alleréischt u mäi ganze Komitee fir hir gut Mataarbecht am leschte Joër.

Eng etlech Kollegen hu sech fir haut den Owend entschëllegt, sief et duerch aner Verpflichtungen, sief et ganz einfach datt se musse schaffen.

Ech géif dann elo ufänke mat der Begréissung vun deenen Damen an Hären, déi mir fir haut den Owend op eis Generalversammlung invitéiert hunn.

De Prësident vum Landesverband, de Guy Greivelding, an de Vize-Prësident vum Landesverband a Prësident vum Sekteur öffentlechen Déngscht, de Justin Turpel. Ech begréissen och de fréiere Prësident Nico Wennmacher.

Vun déi Gréng begréissen ech eisen neien an ale Schäffen, de Fränz Bausch.

Da begréissen ech den David Wagner vun déi Lénk.

Entschëllegt sinn eisen neie Buergermeeschter de Xavier Bettel vun der DP an de laangjärege Gemengeconseillé Armand Drews vun der LSAP.

D'Exekutiv vum Landesverband ass weiderhi vertrueden duerch de Jean-Claude Thümmel - hien ass och Prësident vum Sekteur Eisebunn.

Ons Sektioun TICE ass vertrueden duerch den Alain Sertic.

D'Bus-Sektioun vun der CFL duerch de Jeannot Toepler.

Ech begréissen d'Vertrieder vun eiser administrativer Sektioun, hire Prësident Romain Roden, den Armand Loesch an de Lou Marx. Den Romain Roden vertrëtt och de Sekteur öffentlechen Déngscht an der Exekutiv.

Entschëllegt ass den Yves Dondelinger vun der Sektioun Handwierker an technesch Beamten.

Dann hu mir t'lescht Joer eng Verstäerkung hei am Haus kritt, mir hunn een neie Gewerkschaftssekretär agestallt, de Pascal Hansen dee fir eise Sekteur zoustänneg ass. Och d'Edmee Kirsch ass den Owend entschëllegt.

Merci de Kollege vun der Kontrollkommissioun, datt si eis Keess kontrolléiert hunn. Si sinn den Owend vertrueden duerch d'Kollege Carlo Wolz.

Merci och un t'Coopérative, déi eis erlaabt haut den Owend hire Parking ze benotzen. Da misst är Autoën awer um 11.00 Auer do ewech huelen, well de Parking dann zou gemeet gëtt!

Ech begréissen och d'Vertrieder vun der Lëtzebuerger Press, déi iwwert eis Generalversammlung berichte wëllen.

Ganz häerzlech begréissen ech dann eis Pensionären aus eisem Busbetrib, dat alles laangjäreg Membere vum Verband sinn.

Et freet mech ganz besonnesch fréier Prësidenten an Sekretären aus eiser Sektioun erëm ze gesinn.

Da begréissen ech speziell een, deen - ewéi all Joer - extra aus dem Bordeaux ugereest koum, fir un eiser Versammlung deelzehuelen, eise fréiere Keessier de Petermanns Guy.

Ech hoffen, ech hunn elo kee vergiess!

Loosst eis och un déi Kolleginnen a Kollegen denken, déi eis an der leschter Berichtsperiod vir ëmmer verlooss hunn. Dofir géif ech d'Versammlung bieden een Moment opzestoen, an hirer ze gedenken ... Merci.

Datt lescht Joer wor ee ganz mouvementéiert beim AVL. No laangem Hin an Hir an Ëmfroë beim Personal hu mir et fäerdeg bruecht, dat neit Schaff-Schema vum 16. Januar ze kippen. An enger neier, fir dem Chauffer ugepasster Form, ass dunn dëst Schema de 25. September agefouert ginn, wat d'Wissele méi einfach mecht. De Problem mam Congé um Weekend ass ower net geléist ginn, hei muss ech dem Wahl Frank nach Merci soë fir seng gut Aarbecht déi hien hei gemeet huet. Och hu mir erreecht datt d'Gemeng mat eis op de Wee gaang ass fir anstännegt Material, domadder mengen ech eis nei Busser ze kafen. Dofir wëll ech dem Schäfferot merci soen an hoffen datt mir op der Schinn virufueren. Och dëst Joer geet t'Verjéngung vun eisem Fuerpark weider; 19 Standardbussen, 5 Hybridstandardbussen an 3 Midibusse sinn am Budget virgesinn. Dëst komm alles net sou vum Himmel gefall, mee huet vill Iwwerzeegungskraaft kascht.

Wat bei ass am Betrib ower nach net fonktionnéiert wéi et soll, dat sinn déi mënschlech Bezéiungen tëscht Direktioun a Personal, hei ass t'Fro un de Bausche Fränz wéi deen Gruef tëscht Personal an Direktioun soll zougetippt ginn.

Mëtt Mee solle mir nei Tir kréien, duerch d'Optimiséierung mam Microbusprogramm hu si et fäerdeg bruecht, datt mir vu méindes bis freides 4 Tir manner hunn, samschdes 2 Tir a sonndes ebenfalls 4Tir. Wuel entspriechen d'Tir eise Parameter, mee si si bis op praktesch déi lescht Minut ausgereizt. Bei 41 Tir ass een Deel wou de Chauffer iwwer 4 Stonne fiirt, bei 15 Tir esouguer iwwer 4 Stonnen an 20 Minuten, jo esouguer bis 4 Stonnen 25 Minuten. Bei deem Verkéier an der Stad kann dat Ganzt net fonktionnéieren. Op laang Sicht packt dat beschte Schaffpäerd dat net. Mir all si keng Robotere mee Mënschen, a wann déi Mënschen hir Aarbecht net méi packen, dann féiert dat zu Krankheet a Burnout. Et ass kloer, datt een innerstädtesche Verkéier net mat Iwwerlandverkéier ka vergläichen. Wann déi Responsabel an der Gemeng net wëllen datt se nach méi krank an inapte Chauffeure kréien, da muss elo gehandelt ginn. De Message den Owend vun eis ass kloer. Et geet duer, eis Tir mussen da Verkéierssituatioun, déi mir an der Stad hunn, ugepasst ginn. Mir mussen iwwer eng Kierzung vun der maximaler Lenkzäit vu 4,5 Stonnen diskutéieren.

Aner gewerkschaftlech Themaën den Owend sinn déi geplangte Gehälterreform an Pensiounsreform. E Méinden ass eng Protestversammlung vun alle Gewerkschaften zum Thema Pensiounsreform am Tramsschapp um Lampertsbierg. Dir sidd all häerzlech agelueden dorunner deel ze huelen. Den Greivelding Guy wäert eis duerno méi zu deenen 2 Themaë soen.

Da sinn den 10. Mee och nach Delegationswahlen, wat ganz wichteg Wahlen fir ons all sinn, och dorops komme mir nach zeréck.

Sou ech hunn elo genuch geschwat, an ginn t'Wuert da weider un de Yannick, hie mecht eis den Tätegkeetsbericht.